Gudde Moien

Dir sidd ageschriwwen fir eng Formatioun am  CIS Luxembourg

Mir wëllen iech hei e puer Infoen zu ärem Openthalt an deem CIS mat op de Wee ginn.

Wann Dir moies kommt, gidd Dir w.e.g bei der Entrée vum Etat Major ( vis à vis vum Médico/INFS) eran

an mellt Iech beim Accueil. Do kritt dier een Accès-badge an äer Jetons fir den Kaffi an Mëttegiessen.

Fir den Badge musst Dir ënnerschreiwen an deen och erëm Owes no der Formatioun erëm do oofginn.

Duerno gitt Dir op den 2ten Stack an gidd laanscht den Auditoire an d’ Kantin fir den Kaffi.

Nom Kaffi kommt Dir erëm zeréck an bei der Diir (Foto lénks) haalt Dir den Accès Badge widdert deen schwaarzen Lecteur fir opzemaachen.

Dann gidd Dir den Gank erof bis hannert déi éischt Zwëschendiir an op der lénker Säit ass den Instruktiounssall “Bockfiels” (Foto riets).







**Iessen :**

Ab 7:30 gët ët Kaffi an der Kantin vum CNIS um 2ten Stack.

D’ Mëttegiessen gëtt ët och an der Kantin.

**Parking Auto :**

De Parking kënnt Dir iwwert d' Sharvy-App reservéieren oder wann dir mat engem MTW kommt d' rue de la Francophonie erop fueren an do beim Portail schellen. Do sin Plaazen op der lénker Säit agezeechent wou Dir den MTW fir d'Zäit vum Cours kënnt oofstellen.

All déi aner Parkplazen däerfen nët benotzt ginn

**Uerdnung am CIS :**

**Am CIS** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 4 Zonen agedeelt:

Propper Instruktiounraumm

Hei gëtt d' F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder Asaz-Bottinnen ( SAP) gedroen.Hei ass d' Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an - Händschen souwéi déi giel SAP Jacket) net erlaabt

Knaschteg awer nët contaminéiert Garagen INCSA

Hei hudd Dir keen Zougang

Contaminéiert mat biologeschen Arbechtsstoffer Garagen RTW

Hei hu dir keen Zougang

Contaminéiert mat toxeschen Stoffer Wäschkummer

Hei hu dir keen Zougang

**Kleeder :**

Während den theoretesche Coursen ass d' F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder propper SAP-Bottinen ze droen.

**Openthalt am CIS nom Cours :**

Am CIS halen mir eis just am Instruktiounsraum op, deen fir dës Formatioun zur Verfügung steet.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

**Weider Froen :**

Fir weider Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Jean-François Bricher

Tel. +35249771 3031

zone-centre-formation@cgdis.lu